# Campus ABC

**Alles iwwer de Campus Op der Heckt**

Campus
op der Heckt

**Version juin 2026**



## Eist Zil

D'Kanner mussen am Mëttelpunkt stoen, dowéinst maache mir all Dag eist Bescht, dass si sech bei eis wuelfillen a glécklech sinn. Mir bidden hinnen e gutt an ugepassten Ëmfeld **fir sech entwéckelen ze kënnen.**

# Formell Bildung an Non-formell Bildung

**Non-formell Bildung** fënnt ausserhalb vum klassesche Schoulunterrecht statt, zum Beispill an der Crèche oder an der Maison Relais.

Si begleet d'Kanner am Alldag a stäerkt si an hirer ganzheetlecher Entwécklung. Dobäi léieren d'Kanner spilleresch an duerch Erfarunge wichteg Saache fir d'Liewen, wéi zum Beispill:

- Sprooch a Kommunikatioun
- Soziaalt Verhalen an Zesummeliewen
- Selbststännegkeet
- Kreativitéit
- Beweegung a Gesondheet
- Wäerter a Matbestëmmung

D'non-formell Bildung orientéiert sech un den Interessi an de Besoine vum Kand a baséiert um nationale Referenzkader vun der non-formeller Bildung.


**Formell Bildung** fënnt an der Schoul statt. Si baséiert op engem kloer definéierte Léierplang mat festgeluechte Léierziler a Kompetenzen. Hei léieren d'Kanner Wëssen a verschiddene Fächer, wéi:

- Mathematik
- Sproochen
- Naturwëssenschaften
- Geschicht

D'formell Bildung ass strukturéiert, evaluéiert de Léierfortschrëtt a bereet d'Kanner op hir weider Schoulcarrière vir. Wichteg: Formell an non-formell Bildung ergänzen sech.

Zesumme schafen si déi bescht Viraussetzungen, fir datt d'Kanner sech fachlech, sozial a perséinlech gutt entwéckele kënnen.





# WHAT YOU MUST KNOW

D'Must-Knows sinn een Deel vum sougenannten One-Pager vum Campus op der Heckt. Dëse One-Pager besteet aus follgenden Elementer: dem **Leitmotiv** vum Campus, sengem **Fonctionnement**, dem **Objektiv** (cf. Säit 2 vum Vademecum), an der **Perséinlechkeet** vum Campus.

Wéi all Mënsch a wéi all Marque, huet de Campus op der Heckt och eng Personalitéit, déi erëm spigelt wéi de Campus sech ufillt an och ufille soll.

D'Must-Knows sinn ee vun de Bestanddeeler vun dësem One-Pager.
Des Must-Knows sinn an Aarbechtsgruppen ausgeschafft ginn an hunn als Aufgab Wëssenslacunen aus de Féiss ze raumen.

Fir dat z'erreeche beschreift jidderee vun de fënnef Acteuren, wat him wichteg ass, dass déi aner véier iwwert si wëssen.

Dëst sinn op där enger Säit déi direkt Acteuren, also d'Crèche, d'Maison Relais an d'Schoul (école fondamentale), dozou kommen déi indirekt Acteuren, also d'Gemeng an d'Elterevertrieder.

Op deenen nächste fënnef Säite fann dir den Detail dozou.
Wann dir Froen hutt kënnt dir gäre mat de Responsabele vun deenen eenzele Strukture Kontakt ophuelen.

# MAISON RELAIS

D'Handlungsfelder ginn eis vum Ministère virgeschriwwen.

D'Aktivitéiten déi mir entwéckele, baséieren op dësen Handlungsfelder an op den Interesse vun de Kanner.

Hei e puer Alldagsbeispiller:
- Sprooch, Kommunikatioun a Medien
- Wäerter, Participatioun an Demokratie
- Ästhetik, Kreativitéit a Konscht
- Beweegung, Kierperbewosstsinn a Gesondheet
- Naturwëssenschaft an Technik
- Transitioun tëschent de verschiddene Strukturen
- Emotiounen a sozial Bezéiungen.

Des Handlungsfelder kënne selbstverständlech och fusionéiert ginn.

D'Éducateure vun der Maison Relais, sinn esouwuel Bezuchspersoun, Partner a Virbild fir d' Kanner.

Eis Approche baséiert op de Ressourcë vum Kand.

Aktuell besteet d'Ekipp vun der Maison Relais aus 12 Leit.



# CRÈCHE

**Zu eiser pädagogescher Aarbecht:**

Den CAG (Concept d'action général) ass der Crèche hir pädagogesch Siicht, also d'Aart a Wéis, wéi mir pädagogesch mat de Kanner schaffen.

Dat muss all 3 Joer ugepasst ginn, un de Ministère geschéckt ginn, deen et da validéiert, oder Ännerungen/Adaptatioune freet.

E nationale Rahmenplan fir non-formal Bildung fir d' Crèche ass en Dokument vum Ministère. D'Crèche huet sech op des Struktur baséiert, fir hiert Konzept, wat si als Team ausgeschafft hunn, ze kreéieren.

Dat neit Konzept wat ab 2026 a bis 2028 gëllt huet 104 Säiten.

Aktuell besteet d'Crèche aus enger Ekipp vun 18 Leit.

Den CAG an de non-formale Bildungsrahmenplan sinn eis Richtlinnen no deene mir eis pädagogesch Aarbecht op bauen.

An der Ëmsetzung hu mir eng gewëssen Handlungsfräiheet. Eist Konzept ass public, jidderee kann sech dat ukucken.

An der Kuerzversioun ass dat en Dokument vu 40 Säiten.

A mir hunn e Règlement interne fir d'Elteren, dat si iwwert d'Reegelen an eiser Struktur informéiert.

**Zu eiser pädagogescher Haltung:**

Mir begéinen all de Kanner mat grousser Empathie an huelen si an hirer Individualitéit an Diversitéit un.

D'Kanner gi mat agebonnen, mir froen si wat se wëlle maache fir dass mir eiser demokratescher a partizipativer Haltung vis-à-vis vun de Kanner gerecht ginn. D'Kanner solle matentscheede kennen.

An all eisen Aktivitéite probéiere mir ëmmer de Kanner e gutt Virbild ze sinn.



# SCHOUL

De Plan d‘études ass der Schoul hir Richtlinn wéi eng Kompetenzen d’Kanner an deene verschiddene Cycle mussen erreechen.


D’Leit solle Vertrauen an eis, also an d’Schoul hunn, dass mir eist Bescht maachen all Kand mat an d’Boot ze huelen, an och dran ze behalen, an dat trotz de Kompetenzsockelen déi mussen erreecht ginn.

Dozou kënnt de PDS (Plan de développement scolaire) dee vir all Schoul individuell festgehalen oder erstallt gëtt.

D’Schoul ass méi wéi just Frontal-Unterrecht a Gebéchs, si huet och eng Missioun vu sozialer Kompetenz.

Mir wëllen de Kanner eppes mat op de Wee ginn, wou se duerno stolz drop kënne sinn.






# ELTEREVERTRIEDER

- Elteren handelen am bescht méiglechen Interesse vun hirem Kand, och wann se net ëmmer esou handele kënnen, an aner Wäerter an Erzéiungsstiler hunn, wéi professionell Acteuren sech dat géife wënschen.
- Eltere wëllen op Aenhéicht kommunizéieren, also respektvoll, partnerschaftlech an oppen.
- Elteren si feelerfrëndlech a wënschen sech och vun de professionelle Partner eng Feelerfrëndlechkeet vis-a-vis vun sech selwer an den Elteren.
- Eltere sinn déi wichtegst Bezuchspersoune vum Kand, onofhängeg vu Bildungsgrad, kulturellem Hannergrond oder familiären Erausfuerderungen.
- Eltere wëllen mat agebonne ginn am Fall vun Entscheedungen, Gespréicher oder Konflikter betreffend hirem Kand. Si mellen sech dobäi op ënnerschiddlech Manéier zu Wuert, esou wéi et deem eenzele méiglech ass.
- Elteren si Mënschen, mat ënnerschiddleche Liewensëmstänn, fir déi si sech net brauchen ze schummen oder rechtfäerdegen.
- Eltere wënsche sech och déi positiv Réckmeldungen iwwert hiert Kand ze héieren.





# GEMENG

D'Gemeng besteet aus Schäffen- a Gemengerot.

Jee no Thema muss am Gemengerot beschwat an approuvéiert ginn.
D'Limitte vun der Gemeng:

De Budget an d'Personal si limitéiert, heiansdo musse Prioritéite gesat ginn.
Roll a Verantwortung vun der Gemeng:


D'Gemeng ass verantwortlech fir d'Infrastruktur an d'Sécherheet um Campus. D'Gemeng geréiert de Budget fir den Ënnerhalt vun de Gebaier, fir nei Uschafungen a fir speziell Projeten.
Ënnerstëtzung & Zesummenaarbecht:

D'Gemeng ass Partner a net just de „Patron" vun der Maison Relais an der Crèche. Si wëll hëllefen, dass d'Aarbecht an der Crèche, an der Maison Relais an an der Schoul gutt funktionéiert.

Si ass oppe fir Virschléi, Iddien an och fir d'Suerge vun den Acteuren.
D'Gemeng ass och den éischten Uspriechpartner wann et em bautechnesch Problemer, Investitiounen oder speziell Projete geet.






Fir dass de Campus op der Heckt optimal funktionéiert, gehéiert selbstverständlech och eng gutt strukturéiert Kommunikatioun dozou.

Des Kommunikatioun soll no follgendem Prinzip oflafen:

“Les échanges entre l’ensemble des acteurs du Campus, y compris la commune et les parents, ainsi que la communication en général, se déroulent dans un climat de respect mutuel”.

All Mënsch deen direkt oder indirekt um Campus impliziéiert ass, oder mam Campus a Kontakt steet, soll no dësem Prinzip handelen, och wann emol eppes manner gutt leeft.

Op eisem Campus geet et jo em d’Kanner, an déi Erwuessene sollen natierlech Virbild fir si sinn.

Den Aarbechtsgrupp “Mir vum Campus” huet dowéinst eng zolidd Basis geschafen, déi sech a visueller Form op dem Grafik “Eng konstant Interaktioun” erëm spigelt

(cf. Säit 11 vun dësem Vademecum).

A Punkto Kommunikatioun wäerten a nächster Zäit nach aner Elementer dobäi kommen.



# Eng konstant Interaktioun um Campus

## CAMPUS
(Crèche - Maison Relais - Schoul)

→ schwätzt mat enger gemeinsamer Stëmm




## GEMENG
= Facilitateur / levier

→ erméiglecht & ënnerstëtzt





## ELTEREN / KANNER
= Beneficiairen / Clients

→ ginn informéiert

→ gi Feedback, Bedierfnesser mat

(intern: Crèche - MR - Schoul)

De Campus, bestoend aus Crèche, Maison Relais a Schoul, funktionéiert als eng gemeinsam Struktur. Eng konstant, kloer a transparent Kommunikatioun tëscht dem Campus, der Gemeng an den Elteren ass essenziell. D'Gemeng iwwerhëlt eng ënnerstëtzend Roll als Enabler.

**Campus op der Heckt**

13, Nacherwee
L-9644 Dahl